Rapport Referees' Commission - 22.09.2026

Present : De Waha, Nesser, Niederprüm, Weinquin, Weinzierl

Entschëllegt : Courtois, Keiffer N., Kröpelin, Volz, Welter

1) ***Adoptioun vum Rapport vum 29.07.2026***

2) ***Neien Delegué:***

De Jérôme Volz huet de Cours an d'Tester fir den Delegué bestanen. Och huet hien déi 3 Matcher ënner Opsiicht hannerun sech, sou dass hien elo als neien Delegué op d'Matcher agesat gëtt. D'RefCom wënsch dem Jérôme alles Guddes a senger neier Funktioun.

3) ***Nei Memberen***

De Jérôme Volz iwwerhëlt d'Plaz vum Francis Keiffer als Representant vun den Delegué. Den Denis Weinquin gëtt seng Plaz als Representant vun den Arbitter op, a bleift gewielten neutrale Präsident vun der RefCom.
Aus dem Gronn sinn 2 Plaze fräi gi fir Representante vun Arbitter. Um Summerstage sinn d'Cathy De Waha an den Arno Niederprüm gewielt ginn. D'RefCom begréisst si an hire Reien a seet Merci fir d'Engagement.

4) ***Tester Ufank Saison***

Déi meescht Arbitter hunn hier Tester fir Ufank Saison gemaach. De Laftest ass allgemeng gutt ausgefall, beim Reegeltest ass nach Loft no uewen.
Déi Arbitter déi nach keen Test gemaach hunn, sinn informéiert dëst virum 12. Oktober nozehuelen.

5) ***Formatioun***

- *De Summerstage mam Beat Nagel war ganz léierräich. Fir de Stage 2027 gëtt probéiert méi konkret op Zeenen aus dem Lëtzebuerger Championnat zréckzegräifen.*

- *Déi nächst Formatioune fir all Arbitter sinn den*

22. Oktober 2027 *vun* ***19h00 – 21h00*** *an der Maison des Sports (Sall 1)*
Thema: D'Froe vum Ufank vun der Saison

17. Dezember 2027 *vun* ***19h00 – 21:00*** *an der Maison des Sports (Sall 1)*
Thema: Buzzer a verschidden Zeenen aus eisem Championnat

6) ***Tester Play-off 2026-2027***

Tester virum Play-Off (AXA-league) sinn ob follgenden Datumer:
15.01.2027 *vun* ***19h00 – 21h00*** *um INAPS*
30.01.2027 *vun* ***10h00 – 12h00*** *um INAPS*
D'Hal an de Klassesall sinn ugefrot.

7) ***Kandidaten C-Cours a Kader :***

D'Reegelcouren an d'Tester fir verschidde Kaderspiller, wéi och d'Coure fir déi nei C-Kandidaten si fäerdeg. Soubal d'Kandidaten de schréftlechen Test ofgeluecht hunn, ginn si op Matcher agesat.
Et ass geplangt, dass si am Ufank entweder mat engem erfuerenen Arbitter zesumme päifen, oder just vun dem beobacht an énnerstëtzt ginn. An dem Kontext freet d'RefCom eis erfueren Arbitter, sech bei der RefCom ze mellen, sollten si Interessi hunn, een oder eng Koppel nei Arbitter op hier Matcher ze begleeden – dëst nieft de normale Matcher. Z.B.: e Match mat engem jonken Arbitter virum dem Match wou den erfuerene ugesat ass.

8) ***Austausch Ausland:***

Vum 18. – 21. September waren d'Cathy de Waha an den Diogo Morim Simoes am Kontext vum Arbitteraustausch an Éisträich. Si hunn 3 Matcher an der 2. Divisioun gepaff, a wäertvoll Erfarung gesammelt. Den nächste Besuch an Éisträich ass fir Mäerz 2027 geplangt.
Och mat Dänemark sti mir weider am Kontakt. Méiglech Koppele gi vun der RefCom kontaktéiert.
Vum 11. – 13. September war den Tun Bartringer an Dänemark um GOG Cup am Asaz. De Feedback aus Dänemark ass ganz positiv.

9) ***Kontroll Sportshalen***

Nodeems nei Biedem verluecht a d'Linnen nei gezeechent goufen, ass d'Hal zu Crauthem den 10. September ofgeholl ginn. E puer Klengegkeete sinn an Zwëschenzäit behuewen an d'Hal ass OK.
D'Hal vu Leideleng ass de 26. September kontrolléiert ginn. Ausser der Coachingzone, déi nach gezeechend gëtt, ass alles an der Rei an d'Hal ass OK.

1) ***Besetzungskommissioun***

- *Déi nei Membere vun der Besetzungskommissioun sinn:*

Claude Weinzierl (Koordinator), Sandra Wagner a Sacha André. D'RefCom wëscht hinnen alles Guddes fir déi nei Aufgab.

- *Fir Matcher vum däitsche Championnat hei zu Lëtzebuerg ginn et nach e puer Problemer. Oft kritt d'Besetzungkommissioun keng Informatioun wann e Match verluecht ass, oder d'Informatioune sinn net aktuell. D'RefCom freet dowéinst d'Veräiner, och all Kéiers eng Mail un arbitre@flh.lu ze schécke, sollt e Match vum däitsche Championnat verluecht ginn.*

Bei Matcher U17 steet een Dummy-Arbitter um Spillbou an d'Arbitter kréien d'Passwuert geschéckt fir de Match ofzeschléissen.

[LU:NEX] FUNCK-BRICHER LODYSS AXA PETERS SPORTS PUMA LOTERIE NATIONALE Päiperlëck Tageblatt BIL VOYAGES VANDIVINIT KOX Jneff Le Quotidien Sports.lu apart Threeland HÔTEL-RESTAURANT Alliance Saveurs & Santé HYPE SOCIAL MEDIA AGENCY ewa

Bei Matcher U15 steet entweder den Dummy-Arbitter oder keen Arbitter um Spillbou. De Spillbou kann awer ouni Passwuert vum Sec/Chrono ofgeschloss ginn.

2) ***Cours Sec/Chrono***

D'RefCom ass am Gaangen d'Datumer festzeleeë fir de Cours vum Sekretär-Chronometreur. D'Datumer ginn esou séier wéi méiglech matgedeelt.

Nächst RefCom: Dënschden, den 03. November 2026 um 18h45
an der Maison des Sports (Salle 2)